N°2532
Entrée le 27.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 27. Juni 2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'CFL sinn engersäits de gréissten Employeur am Land, anerersäits steet de Groupe virun der Erausfuerderung, den Ausbau vum ëffentlechen Transport ze garantéieren. Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°1846 geet awer ervir, dass d'CFL an de leschten zwee Joer Schwieregkeeten hat, fir dat néidegt Personal ze fannen.

An deem Kader wëlle mir follgend Froe stellen:

- Wat sinn d'Grënn dofir, dass net all Poste konnt besat ginn?
- Wéi eng Mesure ginn ëmgesat, fir d'Attraktivitéit vun den CFL als Employeur z'erhéijen?
- Wat fir en Impakt haten d'Reforme vun de Carrièren aus dem Joer 2015 op de Recrutement?
- Duerch d'Aféiere vun enger neier "Prime opérationnelle" sollen d'Beruffer méi attraktiv gemaach ginn, wéi vill Leit wäerte vun dëser neier Primm profitéieren?
- Wéi vill Iwwerstonne goufen, opgeléscht no Beruff, an de Joren 2023 an 2024 bei den CFL geleescht?
- Wéi vill vun de Leit, déi an de leschte 5 Joer bei den CFL eng Formatioun ugefaangen hunn, schléissen dës erfollegräich of? Wéi vill dovu bleiwe bei den CFL agestallt?
- Wéi vill Personal muss déi nächst 5 Joer altersbedéngt ersat ginn?
- Wéi vill fäerdeg forméiert Personal aus dem Ausland gouf an de leschte Joren agestallt?
- Wéi schätzt d'Regierung de Sozialdialog bei den CFL an?

Mat déiwem Respekt,

Yves Cruchten
Deputéierten

Ben Polidori
Deputéierten